# CHARTE DES VALEURS VUN DER LËTZEBUERGER ARMÉI

01|2021

## Charta

## Kommentaren

## Tabell

# CHARTA

Als Grënnungsmember vun de Vereenten Natiounen, der NATO an der Europäescher Unioun ass de Grand-Duché der Entwécklung vun enger offenhäerzeger internationaler Kultur zu déifst verbonnen, déi ob de Prinzippie vun der Rechtsstaatlechkeet, dem Fridden an den universelle Wäerter baséiert. An dem Kader ass der Lëtzebuerger Arméi als militäresche Corps vun der Fonction publique, d'Missioun uvertraut, d'Bevëlkerung an d'Institutioune vum Lëtzebuerger Staat ze ënnerstëtzen an ze schützen, d'Fräiheet vun der Natioun ze verdeedegen an, a Solidaritéit mat hire Partenairen, zum Fridden an der Welt bäizedroen.

Esou hu mir, als Militär an an als zivilt Personal vun der Arméi, d'Autoritéit a Mëttel kritt, fir no beschtem Wëssen a Gewëssen am Kader vun dem Vëlkerrecht, eiser Constitutioun, de Gesetzer a Reglementer eist Mandat a Konformitéit mat eise Serments de fidélité auszeüben.

Dës Charta gouf zesummen ausgeschafft a leet déi Haaptwäerter fest, ob deenen eise Beruff als Zaldoten an ons militärescher Kultur opbaut: **den Engagement, d'Droiture an d'Fiabilitéit.**

Dës Haaptwäerter leeden eis Ambitioun fir zesummen zum Erfolleg ze kommen. Si nieren eise Code de conduite an ënnerstëtzen d'Vertrauen, dat d'Biergerinnen an d'Bierger ganz natierlech an d'Lëtzebuerger Arméi hunn.

An eisem **Engagement** fir d'Heemecht, schütze mir d'Dignitéit an d'Wuel vun alle Mënsche mat Dévouement a Courage. Ënnert der Leedung vun der Politik zeechent sech eis Aarbecht duerch d'Verdeedegung vun dem aus, wat ons alleguerten ugeet a gehéiert.

**D'Droiture** an d'Integritéit stinn am Zentrum vun eiser Formatioun, déi op de Wäerter vun der Gläichheet a Gerechtegkeet, der Ugemiessenheet an der Proportionalitéit baséiert.

Mir erfëllen eise Beruff op eng **fiable** Aart a Weis, am Geescht vun der Komerodschaft an am Respekt vun den Dignitéit vun de Persounen, mat Entschlossenheet, Disziplin a Prezisioun.

Andeems mir zu dësen institutionellen, professionellen a perséinleche Wäerter stinn, schafe mir eng kloer, formativ, exigent a gemeinsam Kultur fir all d'Membere vun der Arméi am Déngscht vum Lëtzebuerger Land, de Vereenten Natiounen, der NATO an der Europäescher Unioun.

# KOMMENTAREN

Am Juli 2020 gouf déi heite Charta mat den Haaptwäerter vun der Lëtzebuerger Arméi vum Chef d'État Major (CEMA) festgehalen. Si ass am Kader vun engem Projet de Recherche an Zesummenaarbecht mat Membere vun der Arméi entstanen. D'Resultat gouf am Virfeld vun onsem Minister als Orientéierungs- a Referenzkader validéiert.

Déi folgend Kommentaren erkläre, Saz fir Saz, den Inhalt vun der kuerz gehalener Charta.

> *Als Grënnungsmember vun de Vereenten Natiounen, der NATO an der Europäescher Unioun ass de Grand-Duché der Entwécklung vun enger offenhäerzeger internationaler Kultur zu déifst verbonnen, déi ob de Prinzippie vun der Rechtsstaatlechkeet, dem Fridden an den universelle Wäerter baséiert.*

Méi wéi aner Länner, ass eist Land duerch seng Gréisst a seng Geschicht vun engem Ëmfeld ofhängeg, dat ob dem Fridden, an der internationaler Rechtssécherheet baséiert. Aus dem Grond huet de Grand-Duché sech wärend dem zweete Weltkrich an no senger Liberatioun duerch d'Alliéiert fir eng international Kultur agesat, déi op den universale Wäerter opgeriicht ass, esou wéi se zum Beispill an der Allgemenger Mënscherechts-Erklärung vun 1948 festgehale goufen. Séit dem 12. Juni 1941 huet Lëtzebuerg mat un deenen ënnerschiddlechen Initiativen an Erklärunge geschafft, déi 1945 zur offizieller Grënnung vun de Vereenten Natioune gefouert hunn[1]. Wou de kale Krich sech 1949 ugekënnegt huet, huet de Grand-Duché sech 11 weidere Staaten ugeschloss fir d'NATO (North Atlantic Treaty Organization) mat ze grënnen, fir esou aktiv an och mat senge militäresche Mëttele, mat um Fridden an enger Welt ze schaffen, déi deemools tëscht dem Ostblock an dem Westen zerrass wuer.

Vun 1950 un huet de Grand-Duché sech nieft d'Däitschland, der Belsch, Frankräich, Italien an Holland als Grënnungsmember vun der CECA (Communauté européenne du charbon et d'l'acier) engagéiert, fir déi europäesch Länner progressiv um ekonomeschen an um politesche Plang zesummenzeféieren, an esou en nohaltege Fridden ze garantéieren. Déi aktuell EU (Europäesch Unioun) ass d'Resultat vu ville verschiddenen Demarchen an Ustrengungen, déi vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung an hire Regierunge matgedroe goufen.

Lëtzebuerg ass sech bewosst, datt seng Souveränitéit a seng Autonomie grad esou staark vu sengen europäeschen an transatlantesche Partner ofhängeg si, wéi vun der Rechtsstaatlechkeet, déi zolidd an den Traitée verankert ass an hei am Land Rechtskraft huet. Dofir ass Lëtzebuerg weider dru geleeën, eng offen international Kultur ze fërderen a weider ze entwéckelen, déi sech den ekonomeschen a politeschen Erausfuerderungen an der Welt stellt.

> *An dem Kader ass der Lëtzebuerger Arméi als militäresche Corps vun der Fonction publique, d'Missioun uvertraut, d'Bevëlkerung an d'Institutioune vum Lëtzebuerger Staat ze ënnerstëtzen an ze schützen, d'Fräiheet vun der Natioun ze verdeedegen an, a Solidaritéit mat hire Partenairen, zum Fridden an der Welt bäizedroen.*

D'Lëtzebuerger Arméi ass an dësem nationalen an internationale Rechtskader gegrënnt ginn a kritt hiert Mandat an hir Missioune vum Staatschef, dem Grand-Duc, iwwert de Wee vun de verfassungsméissegen Institutiounen, nämlech der Chamber an der Regierung. Si ass en integralen Deel vun der ëffentlecher Verwaltung. Hir Memberen handelen am Kader vun hire Mandater als Beamte vun der Lëtzebuerger Fonction publique.

[1] *Et siew an dësem Zusummenhang drun erönnert, dat Lëtzebuerg un der militärescher UNO Missioun a Korea deelgeholl huet an 17 Blesséierter an 2 Doudesaffer ze bekloen hat.*

De globalen Optrag ass fir der Bevëlkerung an de staatlechen Institutioune bäizestoen an si ze schützen, genau esou wéi d'Fräiheet vun der Natioun ze respektéieren an ze verdeedegen, wéi et am Artikel 3 vum Gesetz vun 1979 steet. Am supranationale Kader dréit d'Lëtzebuerger Arméi mat hire Partenairen an a Funktioun vun den internationale Mandater zur Erhalung, respektiv zur Restauratioun vum Fridden an der Welt bäi.

Am Kader vun onser parlamentarescher Demokratie vertraut de Grand-Duché senger Arméi Missiounen un an erwaart vun hire Memberen, datt se sech un d'Mandater an d'Uerderen halen, déi se am Kader vun der Legalitéit an der Rechtsstaatlechkeet kritt hunn.

*Esou hu mir, als Militär an an als zivilt Personal vun der Arméi, d'Autoritéit a Mëttel kritt, fir no beschtem Wëssen a Gewëssen am Kader vun dem Vëlkerrecht, eiser Constitutioun, de Gesetzer a Reglementer eist Mandat a Konformitéit mat eise Serments de fidélité auszeüben.*

An dësem zweete Paragraph ännert deen, dee schwätzt. Vun elo un bréngen d'Militär- an d'Zivilpersonal sech zum Ausdrock an huelen dat Mandat, wat si kritt hunn un fir et (a) no beschtem Wëssen a Gewëssen ausféieren, (b) an zwar am Kader vum internationale Recht, (c) eiser Konstitutioun, de Gesetzer a Reglementer, wéi se a Kraaft sinn. Getrei de verschiddenen am Gesetz verankerte Formulle vun eisem Eed huele mir d'Autoritéit an déi militäresch Mëttelen déi de Grand-Duché eis ginn huet un. Jidderee vun eis, sief ee Militär oder ziville Member, bedeelegt sech onofhängeg vu sengem Statut un der Erfëllung vun de Missiounen, déi mir kruten.

*Dës Charta gouf zesummen ausgeschafft a leet déi Haaptwäerter fest, ob deenen eise Beruff als Zaldoten an ons militärescher Kultur opbaut:* ***den Engagement, d'Droiture an d'Fiabilitéit.***

Nodeems de legale Kader gesat ass, komme mir zum Kär vun dëser Charta, déi tëscht September 2019 a Juli 2020 am Zesummenhang vun engem Fuerschungsprojet am Dialog mat Leit aus der Arméi queesch duerch all Karriären a Statuten erduerch entstanen ass.

An engem kollaborative Prozess goufen dréi Haaptwäerter identifizéiert, diskutéiert a schliisslech validéiert: (a) den Engagement, (b) d'Droiture an (c) d'Fiabilitéit. Sie stellen d'Fundament vun onsem Beruff als Zaldoten a vun onser militärescher Kultur duer a bilden esou ons spezifesch Identitéit als de militäresche Corps vun der Fonction Publique a vu jidderengem vun eis.

*Dës Haaptwäerter leeden eis Ambitioun fir zesummen zum Erfolleg ze kommen. Si nieren eise Code de conduite an ënnerstëtzen d'Vertrauen, dat d'Biergerinnen an d'Bierger ganz natierlech an d'Lëtzebuerger Arméi hunn.*

Mat dësen Haaptwäerter gi mir dréi Ziler no. Fir d'alleréischt stellen si d'Fundament vun alle militäreschen Aktiounen duer, well jidder eenzelen sech mat dëse Wäerter identifizéiert. Et geet drëms den Erfolleg an enger Missioun als gemeinsaamt Resultat vun eisem internen Zesummenhalt a vun eis alleguerten als Membere vun der Arméi zesummen ze verstoen.

Da stellen dës Haaptwäerter allgemeng positiv Valeuren duer, déi vun all Member vun der Arméi unzehuele sinn. Am Code de conduite militaire gi si konkret erofgebrach, zeechnen d'rout Linnen an d'Reegelwierk wat et anzehale gëllt, fir esou eng Kultur ze fërderen, déi op gemeinsame Wäerter baséiert. D'Charta an de Code de bonne conduite bilden eng dynamesch Eenheet a sinn zu all Zäit ze fleegen.

Dat drëtt Zil viséiert d'Vertraue vun de Bierger an d'Arméi. Et ass wichteg, d'Vertraue vun der Bevëlkerung duerch en exemplarescht Behuelen eisersäits ze honoréieren, sief dat heibannen oder dobaussen, an Uniform oder an Zivil.

***An eisem Engagement fir d'Heemecht, schütze mir d'Dignitéit an d'Wuel vun alle Mënsche mat Dévouement a Courage. Ënnert der Leedung vun der Politik zeechent sech eis Aarbecht duerch d'Verdeedegung vun dem aus, wat ons alleguerten ugeet a gehéiert.***

Den devouéierten a couragéierten Asaz fir d'Heemecht stellt den éischten Haaptwäert duer. Dësen Engagement muss am Kontext vum Schutz vun der Dignitéit an dem Wuel vun all Mënsch gesi gi. Et ass déi nobel an eegen Astellung vum Zaldot fir sech am Déngscht vun der Heemecht opzeafferen, wann et sollt noutwendeg sinn, d'Dignitéit an d'Wuel vun all Mënsch ze schützen.

All militäreschen Asaz gëtt vun de politeschen Autoritéite festgeluecht a viséiert ëmmer d'Verdeedegung vun dem, wat a Gefor ass an ons alleguerten ugeet a gehéiert, wéi zum Beispill de Fridde, d'Fräiheet oder den Zougang zu de gemeinsame Platzen. Well d'Ëmstänn vun eisen Asätz am Laf vun der Zäit änneren, muss d'Arméi wuechtsam bleiwen an sech op Asätz an Ëmfelder preparéieren, déi dauernd wiesselen.

De Commandement vun der Arméi wäert derfir suergen, datt eis Missiounen, esou wéi se mat der politescher Autoritéit koordinéiert goufen, an engem Geescht ausgefouert ginn, deen net d'Mëttelméissegkeet, mee d'Exzellenz viséiert.

Den Engagement, als éischten Haaptwäert, versteet sech par Rapport zu den Ziler,déi et ze erreeche gëllt. Bei der Exekutioun vun hire Missiounen an Aufgabe muss dëse Wäert vu jidderengem eenzel a vun allen Läit aus der Arméi gefleegt gi.

***D'Droiture an d'Integritéit stinn am Zentrum vun eiser Formatioun, déi op de Wäerter vun der Gläichheet a Gerechtegkeet, der Ugemiessenheet an der Proportionalitéit baséiert.***

Den zweeten Haaptwäert steet am Zentrum vun der Ausbildung vum Offizéier, dem Ënneroffizéier, dem Kaperol, dem Zaldot an dem ziville Member vun der Arméi. Hei geet et ëm den Ensembel vun Droiture an Integritéit.

D'Aarbecht an deene verschiddenen Ekippe baséiert op de fundamentale Wäerter vun der Gläichheet an der Gerechtegkeet. Ënnert den Uerdere vu sengen hierarcheschen Ieweschten, a mat engem gesonde Geescht vu Respekt, Disziplin a Competitioun strengt jidderee sech un fir d'Missioun, déi ee kritt huet, zum Beschten ze erfëllen.

Zur Geruetheet gehéiert et, dass ethesch kontrovers argumentéiert gëtt, wat fir Mëttelen agesat solle gi fir datt eng Missioun ka geléngen. Esou Gespréicher ginn zesumme mat engem permanenten a verdéifte Léierprozess, den drop eraus leeft, räif a kapabel Militär auszebilden, déi an der Lag sinn, Decisiounen am Interessi vun der Missioun ze huelen. Hir Decisioune respektéieren d'Gläichheet an d'Gerechtegkeet grad esou wéi d'Wäerter vun der Ugemiessenheet an der Proportionalitéit.

***Mir erfëllen eise Beruff op eng fiable Aart a Weis, am Geescht vun der Komerodschaft an am Respekt vun den Dignitéit vun de Persounen, mat Entschlossenheet, Disziplin a Prezisioun.***

Den drëtten Haaptwäert ass d'Fiabilitéit, d'Zouverlässegkeet. Si ass d'Basis fir dass mir alleguerten zesummen Erfolleg hunn. D'Fiabilitéit muss vun Ufank un gefuerdert a gedrillt ginn.

Respekt an Disziplin sinn den Ecksteen, op dem eis Relatiounen ënnerteneen opbauen. Déi hierarchesch Iewescht hunn opzepassen, dass dës Wäerter am Alldag ëmmer gëllen an ugewannt gi, well ouni Respekt fir d'Persoun an ouni Disziplin an den Ekippen ass et net méiglech d'Missiounen, déi mir kréien, erfollegräich zu En ze bréngen. De Geescht vun der Komerodschaft ass d'Konsequenz vun dëser Ustrengung.

Fir säi Beruff als Zaldot oder als Expert gutt auszeüben, muss déi perséinlech Zouverlässegkeet zesumme goe mat dem Wëllen, präzis an entschlosse bei der Aarbecht ze sinn. Déi militäresch Prezisioun an d'Entschlossenheet, fir zesummen Erfolleg ze hunn, droen derzou bäi, d'Vertrauen, dat d'Bierger an d'Arméi hunn, ze festegen.

# TABELL

## RÉUSSIR ENSEMBLE

| | | | |
|---|---|---|---|
| *dignité humaine* | *bien commun* | *excellence* | *patrimoine commun* |
| *engagement* | | | |
| *égalité* | *équité* | *juste mesure* | *proportionnalité* |
| *droiture* | | | |
| *respect* | *discipline* | *précision* | *détermination* |
| *fiabilité* | | | |




Den Haaptwäert vun der Fiabilitéit gëtt als Norm erwaart an agefuerdert. Dëse Basis-Wäert entfaalt seng ganz Bedeitung am Zesummespill mat deenen zwee aneren Haaptwäerter, déi sech op en opriichtegt ethescht Aushandele vun de Mëttelen (Droiture) an op den Éiergäiz, déi fixéiert Objektiver gemeinsam ze erreechen (Engagement), bezéien. Dës Tabell illustréiert eis Haaptwäerter an hir dynamesch Interaktiounen.

# ADHÉSIOUN

*Andeems mir zu dësen institutionellen, professionellen a perséinleche Wäerter stinn, schafe mir eng kloer, formativ, exigent a gemeinsam Kultur fir all d'Membere vun der Arméi am Déngscht vum Lëtzebuerger Land, de Vereenten Natiounen, der NATO an der Europäescher Unioun.*

Eis Charta schléisst mat dësem leschte Paragraph of. Et gëtt drun erënnert, datt dës institutionell, berufflech a perséinlech Wäerter d'Arméi als Organisatioun an als Administratioun genau esou uginn wéi deen Eenzelen als Persoun an als Professionellen. Et ass en onëmgängleche Wëllensakt, datt jidder Member vun der Arméi dëser Charta mat Häerz a Verstand zoustëmmt. Iwwert d'Zoustëmmen zu dëse Wäerter, gëtt d'Personal vun der Arméi sech e Kader an eng spezifesch Orientéierung: esou gëtt e kloert, formativt, exigent a gemeinsaamt Ëmfeld favoriséiert.

De leschte Saz weist ebenfalls, datt eis Aarbecht sech net nëmmen op de Lëtzebuerger Perimeter bezitt, mee sech och bei eisen Asätz am gréissere Kontext vun den internationalen Institutiounen erëmspigele muss, déi am éischte Saz vun der Charta genannt goufen.